



Groupe parlementaire

N° 7373
Entrée le 13.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.12.2022

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 13. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, d'Madamm Justizminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

Am Kader vun engem Mord un engem zweielef Joer ale Meedchen sot de franséische President Emmanuel Macron aus, dass "*e groussen Deel vun de Strofdoten a Frankräich vu Leit géif gemaach ginn, déi an enger irregulärer Situatioun a Frankräich wieren*". Weider huet hien annoncéiert hei zukünfteg vill méi streng duerchgräifen ze wëllen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Gesäit d'Regierung d'Situatioun zu Lëtzebuerg änlech wéi déi Beschreibung vum President Macron fir Frankräich, an deem Sënn, dass een net méi kéint iwwersinn, dass e groussen Deel vun de Strofdote vu Leit géif gemaach ginn, déi an enger irregulärer Situatioun wieren?
- 2) Wéi gesäit d'Regierung d'Ukënnegung vum President Macron dass seng Regierung elo Wëlles hätt, méi streng géint déi illegal Immigratioun virzegoen am Lëtzebuenger Kontext? Ka si sech och esou Moosname fir Lëtzebuerg virstellen?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen wéi vill Persounen an irregulärer Situatioun am Joer 2021 zu Lëtzebuerg festgeholl goufen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten